N°896
Entrée le 17.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 896 vun den éierbaren Deputéierten Marc Goergen an Ben Polidori**

1. **Fir wat fir eng exotesch Déiere goufe bis elo esou Autorisatiounen u Privatpersoune vum Ministère ausgestallt?**

   Et goufen, baséierend um Art. 5 vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018, 78 Autorisatioune fir Déieren ausgestallt, déi net op der positiver Lëscht stinn. Déi Autorisatioune verdeelen sech wéi follgend:

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Alpaka: 20 | Lama: 4 | Damwëld: 2 | Wëllschwäin: 1 | Nandu: 1 |
| Emu: 1 | Strauss: 1 | Schildkröten: 3 | Schlangen: 9 | Spannen: 25 |
| Skorpiounen: 5 | Echsen: 3 | Wanzen: 1 | Pfeilgiftfrosch: 1 | Känguru: 1 |

2. **Ëm wéi vill Déieren handelt et sech heibäi jeeweils opgelëscht no Aart?**

   Déieren, déi virum Akraafttriede vum Déiereschutzgesetz am Besëtz waren, ginn individuell autoriséiert. D'Zuucht mat hinnen ass net erlaabt. An deem Kader goufe bis elo 6 Alpakaen, 7 Lamaen, 3 Schildkröten, 127 Schlaangen, 26 Spannen, 13 Echsen a 6 Pfeilgiftfrösche autoriséiert. Autorisatioune fir Déieren nom Akraafttriede vum Gesetz kënnen d'Zuucht an den Zoukaf erlaben.

3. **A wéi ville Fäll gouf eng Autorisatioun refuséiert, a fir wat fir eng Déiere war dat?**

   Vun den agereechten Autorisatioune gouf bis elo nach keng Demande no der Evaluatioun refuséiert.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN